LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

**Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 2682 vum 29. Juli 2025 vum honorabelen Députéierte Marc Goergen zum Sujet "Mesures contre les cyberattaques suite à l'attaque contre les réseaux de POST".**

**1) Wéi eng weider Gemengen hei am Land hunn esou ee System, wéi zu Hesper?**

Nieft der Gemeng Hesper, hunn och aner Gemengen esou e System en Place gesat. Den Inneministère verfüügt de Moment awer net iwwert eng detailléiert Lëscht vun all de Gemengen an där Saach. Et ass geplangt, fir eng digital Plattform anzeriichten, op där d'Gemengen hir Equipementer a Kommunikatiounsméiglechkeeten, déi am Fall vun enger aussergewéinlecher Situatioun an den Asaz kënne kommen, kënne matdeelen.

Lëtzebuerg, den 12. August 2025
Den Inneminister,
(s.) Léon Gloden